ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 22. Mäerz 2019

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Gesondheetsminister weiderzeleeden:.

Den Oste vum Land ass nach ëmmer ouni Maison Medicale. Am Kader vun enger gudder Gesondheetsversuergung misst awer och d'Populatioun aus dem Osten e Recht op dëse wichtege Service hunn, bei de betraffene Bierger besteet déi Demande op alle Fall scho laang. Eisen Informatioune no, ass de Centre Medicale zu Iechternach prett fir dëse wichtegen Service z'iwwerhuelen an huet och schonn eng deementspriechend Ufro beim Gesondheetsministère gemaach.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Här Minister dës Froe stellen:

1. Reagéiert d'Regierung elo favorabel op d'Demande vum Centre Medicale, fir och kënne Maison Medicale ze sinn, an sou enger wichteger Demande vun de Bierger aus dem Osten nozekommen?
2. Vu datt et Maisons Medicalen zu Esch-Uelzecht, an der Stad Lëtzebuerg an och zu Ettelbréck ginn, wéi begrënnt d'Regierung, am Fall vun enger negativer Decisioun, de Fait datt d'Regioun Osten weiderhin als eenzeg Regioun vum Land keng Maison Medicale soll hunn?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg** **Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique